

Leif Verrieder*innen vun der Presse,

Heimadder deelen mer iech d'Resultat vun den Wale op eisem ordinären Kongress mat.

D'Jonk Sozialisten bleiwen bei hirer Duebelspëtzt: D'Lisa Kersch an den Amir Vesali goufen bei de Wale als Präsidentin a Präsident vun de Memberen vun den Jonken Sozialisten confirméiert. Zesummen hunn si bei der Wal en Pourcentage vun 89 % erreecht. Bei de Wale fir den Generalsekretär konnt sech de Ken de Sousa geint den Daniel Scheer duerchsetzen. Op de Ken de Sousa sinn 74% vun den Stëmmen entfall, hien ersetzt domat den Elisha Winckel den net erëm ugetrueden ass. D'Kontrollkommissioun gouf unanime ugeholl, d'Memberen vum Nationalbüro sinn bei enger Enthaltung mat 96% vun den Stëmmen gewielt ginn.

D'Membere vum neien Nationalbüro

- | | |
|-------------------|---------------------|
| 1. Bormann Marvin | 10. Merenz Samira |
| 2. Bouraoui Sami | 11. Molitor Max |
| 3. Braz Liz | 12. Ni Pengqian |
| 4. Colling Luca | 13. Pacarada Edi |
| 5. Feipel Jil | 14. Piccini Julie |
| 6. Ferreira Dylan | 15. Scheer Daniel |
| 7. Kinn Benjamin | 16. Schwarz Maurice |
| 8. Kryeziu Gledis | 17. Weydert Jana |
| 9. Matos Veronica | |

D'Membere vun der neier Kontrollkommissioun

1. Jandoubi Anass
2. Sold Georges
3. Winckel Elisha

Des Weideren goufen och 2 Resolutiounen gestëmmt. D'Logements- an d'Klimakris hunn den Kongress inhaltlech dominéiert an béid Sujeten goufen als déi grouss Aufgaben vun eiser Zäit a Generatioun definéiert. En steierlecht Ëmdenken an der Logementspolitik an e Systemwiessel an der Klimapolitik sinn d'Punkten mat deenen d'Jonk Sozialisten wëllen an d'Waljoer 2023 goen. Béid Resolutiounen fannt der zum Schluss vum Mail, mä hei e kléngen Virgeschmaach:

Wunnungskris – Genuch Gebraddelt! *(klickt hei fir di ganz Resolutioun)*

Enger zukunftsorientierter Politik kennt an dëser Situatioun den Rôle zou, dës Präisexplosiounen anzedämmen, d'Grondbedierfnis "Wunnen zu Lëtzebuerg" weider ze erméiglechen, an dobäi d'ekologesch Erausforderungen, déi dëst Joerhonnert dominéieren wäerten, op keen Fall ze vernoléisseggen. Et héiert sech un ewéi d'Quadratur vum Krees déi eis an der Wunnungskris also muss geléngen. Mee dëst iwverfuerdert vill Politiker, ewell een sech aus den alen Denkmuster muss befreien, oft geléngt dat awer net an schnell sinn se erëm zeréck bei "Bauen,Bauen,Bauen..." oder "Bauperimeter erweidern" an gesinn doran eng wuel éierlech gemengten, mee komplett onrealistesche Solutioun fir d'Wunnungskris.

Systemwiessel – Net Klimawissel *(klickt hei fir di ganz Resolutioun)*

Eng gerecht Klimapolitik muss zukunftsweisend sinn an d'Méiglechkeeten opweisen déi et gi fir aus dem aktuelle System eraus ze brieche. Schluss mat de Versich dem Kapitalismus eng gréng Faarf ze verpassen. Schluss mat dem deplaciertem Vertrauen a falsch Solutiounen déi sech weiderhin op d'Kommodifikatioun vun der Ëmwelt an dem Marché als Haaptinstrument fir e sozial-ökologesche Wandel vun eise Gesellschafte baséieren. Dëst Denken ass wat eis iwverhaupt an d'Laberente bruecht huet. Och geet et net duer d'Nohaltegkeet, d'Erhale vun der Biodiversitéit, an de Klimaschutz probéieren erop ze beschwieren. Mir hunn eis net vun haut op muer vu Fossile Brennstoffer ofhängeg gemaach, a mir wäerten eis net vun haut op muer eis vun dëser déidlecher Addiktioun distanzéiere kënnen. Mä ze hoffen datt wa mer genuch doriwwer schwätzen, d'Krisen sech vum selwe léist, wéi e Mantra dat wouer gétt wa mer et oft genuch widderhuelen, ass fern vu jiddwer Realitéit a wäert der Zukunft quasi oniwwerwanbar Steng an d'Wee leeën. Et geet haut drëms de politesche Courage opzebréngen. Et geet haut drëms d'Versäumnisse aus der Vergaangenheet opzeschaffen an eng reell Alternativ ze schafen.

Mat bäschte Gréiss,

d'Jonk Sozialisten Lëtzebuerg

Resolutioun: Wunnungskris – Genuch gebraddelt!

Max Leners, Max Molitor

300.000,- € dëst war den Präis deen een am Joer 2010, nach am Duerchschnëtt fir een Appartement vun 80m² hei am Land op den Dësch leen misst. Am Joer 2021 muss eng jonk Famille fir déi nämmelecht Unzuel un Wunnfläch, am Landesduerchschnëtt, ewell em déi 680.000,- € berappen. Bei ongebremschter Präisentwicklung kennen et am Joer 2030 bis zu 1,2 Milliounen € fir 80 m² sinn - wat der Bankrotterklärung vun der Lëtzebuerger Wunnenspolitik gläichkommen géif!.

D'Handelen an der Wunnensfro ass also imminent!

Enger zukunftsorientierter Politik kennt an dëser Situatioun den Rôle zou, dës Präisexplosioune anzedämmen, d'Grondbedierfnis "Wunnen zu Lëtzebuerg" weider ze erméiglechen, an dobäi d'ekologesch Erausforderungen, déi dëst Joerhonnert dominéieren wäerten, op keen Fall ze vernoléisseggen. Et héiert sech un ewéi d'Quadratur vum Krees déi eis an der Wunnensfro also muss geléngen. Mee dëst iwwerfordert vill Politiker, ewell een sech aus den alen Denkmuster muss befreien, oft géngt dat awer net an schnell sinn se erëm zeréck bei "Bauen,Bauen,Bauen..." oder "Bauperimeter erweideren" an gesinn doran eng wuel éierlech gemengten, mee komplett onrealistesche Solutioun fir d'Wunnensfris.

Den Motor vun der Wunnensfris zu Lëtzebuerg läit net nëmme am Fait dat ze wéineg gebaut gëtt, mee och bei enger systematescher Steuerpolitik, déi a Saachen Logement, an sécherlech och a Klimafroen, kontraproduktiv ass. Amplaz dat eng intelligent Steuerpolitik den batternéidegen Logements-Pompjee spillt, spillt se Pyromane an heizt d'Wunnensfris weider un.

D'Allgemengheet dréit iwwer Steuermesuren ewéi zum Beispill den Amortissement Accélééré onfräiwëlleg dozou bäi, dass Leit, déi dëst guer net bräichten, vum Staat beim Kaf an beim Unléen vun engem klengen privatem Parc immobilier, dëst fir reng privat Investitiounszwecker, och nach ënnerstëtzt ginn. Et ass déi classesch Ëmverdeelung vun Ennen no Uewen, an ganz oft och nach vun den Jonken zu deenen Alen, déi hei iwwer d'Logementsbesteuerung stattfënnt.

An dëser Logementsfris brauch et an der Politik en radikalt Ëmdenken! Mir müssen ewech vun der Fata Morgana déi Wunnen als primären Investmentobjekt duerstellt, enger Politik déi deenen falschen Leit beim Kaf vun enger zweeter Wunneng méi ënnert d'Ärem gräift ewéi enger Famille déi d'Appartement fir Wunnzwecker keeft an zeréck bei enger Politik déi alles dofir mecht sengen Bierger hiert (Grond-) Recht op Wunnen ze erméiglechen. Fir eis ass kloer, et brauch:

- En konsequent Ausser-Kraaft-Setzen vum steierlechen Kader deen dozou bäidrëit de Marché weider opzeblosen, mee dobäi d'Bautätegkeet weider héich hält,
- Eng Limitatioun vun Net-EU Bierger fir privat oder iwwer Fongen ofgewéckelt Opkafen vun Wunnengen zu Lëtzebuerg.
- Een Register deen d'Immobilienpropriétéit zu Lëtzebuerg oppen leet.

Dëst sinn fir eis d'Grondpiliere déi et méiglech maachen kéinten déi aktuell Logementskris e Stéck wäit hannert eis ze loossen respektiv se ze entschäerfen. Mir als Jonk Sozialisten wäerten eis kloer dofir a setzen Léisungsusätz am Walprogramm vun der LSAP ze verankeren an Ideen déi mer schonn presentéiert hunn weider auszeschaffen.

Resolutioun: Systemwiessel - Net Klimawissel

GT Sozial Klimapolitik – Koordinator: Maurice Schwarz

Memberen: Sami Bouraoui, Lisa Kersch, Max Molitor, Amir Vesali, Elisha Winckel

D'Klimakris ass en direkte Resultat vun engem desequilibréiertem Soziale Kontrakt. Et ass d'Konsequenz vun Ongerechtegkeeten tëschent Klassen, Gender, Sexualitéit, an Ethnicitéiten op déi di aktuell kapitalistesche, kolonialistesche an neoliberal Strukturen opgebaut sinn, an eis sozial a wirtschaftlech Relatiounen prägen. Ween d'Klimakris seriö léise well, de muss d'Grënn dofir kennen a gewillt sinn se unzegoen. Mir Jonk Sozialist*inne sinn dofir bereet.

Eng Alternativ

Eng gerecht Klimapolitik muss zukunftsweisend sinn an d'Méiglechkeeten opweisen déi et gi fir aus dem aktuelle System eraus ze brieche. Schluss mat de Versich dem Kapitalismus eng gréng Faarf ze verpassen. Schluss mat dem deplacéiertem Vertrauen a falsch Solutiounen déi sech weiderhin op d'Kommodifikatioun vun der Ëmwelt an dem Marché als Haaptinstrument fir e sozial-ökologesche Wandel vun eise Gesellschaften baséieren. Dëst Denken ass wat eis iwverhaapt an d'Laberente bruecht huet. Och geet et net duer d'Nohaltegkeet, d'Erhale vun der Biodiversitéit, an de Klimaschutz probéieren erop ze beschwieren. Mir hunn eis net vun haut op muer vu Fossile Brennstoffen ofhängeg gemaach, a mir wäerten eis net vun haut op muer eis vun dëser déidlecher Addiktioun distanzéiere kënnen. Mä ze hoffen datt wa mer genuch doriwwer schwätzen, d'Krisen sech vum selwe léist, wéi e Mantra dat wouer gëtt wa mer et oft genuch widderhuelen, ass fern vu jiddwer Realitéit a wäert der Zukunft quasi oniwirwanbar Steng an d'Wee leeën. Et geet haut drëms de politesche Courage

opzebréngen. Et geet haut drëms d'Versäumnisser aus der Vergaangeneheet opzeschaffen an eng reell Alternativ ze schafen.

Déi aktuell Klimapolitik deplacéiert nach wéi vor d'Vetrauen an technesch Spillereien. Et wär wéi wann e menge géing datt wann nëmmen d'Autoen duerch Elektroautoen ersat géinge ginn, de Masuttstank doheem duerch eng Wärmepomp remplacéiert, an Erneierbar Energien d'Fossil Brennstoffer an d'Vergaangeneheet verbannt hunn - dann ass alles gutt. Dëst Erwaardunge si falsch. Technologiesche Fortschrëtt ass net gläichzesetze mat gesellschaftlechem Fortschrëtt. Wuesstem fir d'Land heescht net gläich Wuelstand fir jiddwereen. De Kuch ass grouss genuch, et ass genuch do fir ronderëm ze goen, mä et ass net gläichméisseg verdeelt. Hei muss eng gerecht Klimapolitik usetzen.

Et wäert net einfach ginn. Déi neidesch Verännerunge stellen onabdénglech bestoend Iwwerzeegungen a Gewunnechten a Fro, mä se hunn d'Zil e bessert a méi gesondLiewe fir jiddwereen z'erméiglechen. Fir dëst Visioun ze realiséiere muss d'Sich an d'Ëmsetzung vun de Léisungen zu enger generatiounsüwwergräifender Aufgab ginn. Wéi mer d'Klimakris upaken ass en Zeeche vu wat mer wäertschätzen a wat mer Bereet sinn am Numm vu Gerechtegkeet a Solidaritéit ëmzesetzen.

Mä eng gerecht Klimapolitik ass virun allem eng déi der Gesellschaft Mutt verleet. An un d'bessert d'Gewësse vun de Leit appelléiert. D'Politik eleng kann de Wandel net vollbréngen. D'Zivilgesellschaft eleng och net. Mä zesummen - zesumme kënnen mer d'Welt vun haut fir d'Leit vun elo verbesseren an d'Äerd vu muer an en Uert verwandelen an dem et sech gutt liewe léisst a sech jiddweree fräi entfale kann. An da onagenkt vun de Constraintë vum Neoliberalismus den ëmmer méi an ëmmer méi verlaangt op d'Käschte vun der Gesondheet vun de Mënschen an der Ëmwelt.

Alter-Mondialisatioun net Globalisatioun

Eng gerecht Ëmweltpolitik zu Lëtzebuerg heescht och sech fir eng gerecht Ëmweltpolitik ausserhalb vun eise Grenzen anzesetzen. D'Klimakris kënnen mer nämlech nëmme bekämpfe wa mer d'Ongläichheete lokal a global bekämpfen. D'Globaliséierung muss iwwerduecht an nei gestalt ginn. D'Liberaliséierung vum Weltmarkt zu Gonschte vu Multinationalekonzerner a Milliardären an op d'Käschte vun den Aarbechter, kléngen Entreprises, a kultureller Vielfalt muss en Ënn fannen. Steier- a Klimadumping mussen iwwer Minimalsteuersätz a sanktionéierbar Ziler fir CO₂-Emissiounen gestoppt ginn. D'ökologesch Transitioun muss d'Ongläichheete vum Kapitalismus eliminéieren a keng neier schafen.

Entwécklungszesammenarbecht am Sënn vum Klima

Seit dem Zweete Weltkrich ass Entwécklungszesammenarbecht (EZA) en weltwäite Begrëff an en Moyen fir Länner ze hëllefen. An Europa war et deemools de Marshallplang. Am Moment gi vum globalen Norde ronn 160 Milliarden Dollar fir EZA an de globale Süde gepompelt. A priori klengt dat gutt an et ass och sécher vill gehollef ginn trotzdeem huet d'EZA Ofhängegkeete geschaf. An dësem Geescht muss och eis EZA am Globale Süde wei och an anere Länner iwverduecht ginn. Wann mir gemeinsam als Mënschheet déi weltwäit Klimakris wëlle bekämpfen, da musse mir weltwäit an eng Richtung zeien. Dofir dierf d'EZA net méi als Muechtinstrument fir Flüchtlingsbewegungen ze kontrolléieren (EU-Türkei Deal oder European Trust Fund an Afrika) oder fir eege wirtschaftlech a geopolitesch Interessen (Beispill: China-Tansania) ze schützen - gëlle ma et muss am Interessi vum Mënsch an der Natur gemach ginn. Et soll net erem zu engem imperiale Virschreiw vum engem System kommen. Déi lokal Bevëlkerunge mussen an déi nohaltege EZA agebonne ginn an et muss hir d'Méiglechkeet iwverlooss ginn se no hire lokale Gegebenheet ze gestalten.

Klimaschutz an Ëmverdeelung

Statistike wei de "Global Footprint Network" weisen eis, dass et virun allem räich Gesellschaftsschichten an déi räich Länner sinn déi maßlos eis natierlech Ressourcë verbrauchen a soumat och eise Planéit verschmotzen. Dohier wierkt och esou datt Klimaschutzmesurë virun allem déi kleng Léit treffe well et si sinn déi d'Rechnung kréie fir e Liewensstil den net hiren ass. Och op globale Plang wäerten d'Folge vum Klimawandel virun allem Länner am globale Süden treffe well grouss Deeler onbewunnbar ginn. D'Iddi vun enger gerechter Klimapolitik kéint op nationalem wei och op europäeschen a globale Plang an enger éischer Phase um System "Pollueur-Payeur" baséieren. Eng gutt iwverluechte Präispolitik, déi emweltbelaaschtend Produkte méi staark besteiert, soll een Ëmdenken an der Bevëlkerung ausléisen. Déi steigend steierlech Einnahme fir de Staat duerch des Mesurë sollen allerdéngs net a Staatskees fléissen, ma si sollen iwver aner Moyennë rëm zeréck un d'Bevëlkerung goen. Mir denken do un eng d'Upassung vum Sozialstaat un d'Realitéite vum 21. Jorhonnert an d'Erweidere vun de Servicer déi de Staat iwverhuele soll fir jiddwerengem dat bescht Méiglecht d'Liewen ze garantéieren. D'Stéchwuert ass hei "universal basic services" a mir denken do un e fixe Montant vun erneierbarer Energie, Uschloss un den Internet, a subsidéiert lokal Produiten. D'Kafkraaft soll esou erhale bleiwen a bei de klengen a mëttleren Akommes effektiv gesteigert ginn doduercher datt se manner fir d'Nécessitéiten ausgi mussen. Nieft der Gesellschaft soll och d'Wirtschaft iwver dese Wee hir Verantwortung iwverhuelen an hiren Deel zur Léisung bäidroen.

Eng gerecht Klimapolitik wäert vu jiddferengem Ännerungem am Verhale verlangen, mä virun allem soll et do usetze wou déi gréissten Emissiounen produzéiert ginn, an dat ass bei groussen Entreprises a Liewensstiler déi no materiellen Absurditéite striewen. Eng sozial Klimapolitik soll net nëmmen eng Emverdeelung ennerstetzen déi d'Aarbescht vun all Mënsch appréciéiert net nëmmen déi belount déi mat Kapital spekuléieren, mä se soll och dofir Suergen datt d'Verdeelung ex ante gerecht ass. Op laang Dauer muss awer och de 'Pollueur-Payeur' Prinzip a Fro gestallt ginn, et kann net sinn datt déi di méi Suen hunn bezuele kenne fir d'Emwelt ze verschmotzen, während dems all di aner probéieren hiert dozou bäizedroen op engem méi gesondem Planéit ze liewen. E Beispill vun esouengem Denken sinn "carbon offset" Programmer, mä am Endeffekt sinn déi net anescht wéi Ablassbréiwer aus dem Mëttelalter. Et keeft een sech domadder e rouegt Gewëssen ouni tatsächlech d'Realitäten um Terrain ze änneren. Besser wier et den Dréck wou och nëmme méiglech an éischer Stell ze vermeiden.

Klima-Bildung

Als JSL fuerdere mir dass Klima-Bildung eng méi eng bedeitend Roll an der formeller an non-formeller Bildung kritt. Et muss generatiounsiwwergräifend zu engem nohaltegen a klimaschounende Mindset kommen. E kritescht Denken an der Gesellschaft zum imperiale Liewensstil muss entsto. Vu jiddferengem muss verstane ginn, dass de westleche Liewensstil op de Käsche vun de vulnerabelen am Globale Süden an Norde geet a muss änneren. De Kapitalismus an de Konsum mussen hannerfrot ginn. Et muss opgeschafft ginn, dass d'Globaliséierung an déi ongläich Virdeeler déi se innerhalb an tëschent de Länner bruecht huet, op fossile Ressourcen opgebaut ginn ass. Och muss kloer gemaach ginn, dass 1,5 Grad Zil vun der COP21 d'Minimalzil ass a bleiwe muss. Souguer déi 1,5 Grad wäerte grouss Deeler am Globale Süden onbewunnbar maachen a fir riese Flüchtlingsswellen suergen. De Globalen Norden a soumat Lëtzebuerg an Europa si fir en groussen Deel vun deenen Entwécklungen duerch hiren ausbeuterische Liewensstil verantwortlech.

Mir sinn eis bewusst dass de Programm virun allem an der formaler Bildung scho gutt gepaack ass, dofir fuerdere mir an éischer Ligne, dass Klimaeducatioun eng transversal Prioritéit soll ginn, also fächeriwwergräifend soll an de Programm erafléissen. De MECDD an de MEN sollen hei zesumme Schoulmaterial ausschaffen an ubidden, dat vum Educationspersonal ka benotzt ginn, fir d'Thema Klimawandel a Klimaschutz an hier bezüglech Fächer afléissen ze loossen. D'Verhältnis ënnert de Mënsche ma och d'Verhältnis vum Mënsch zur Natur soll hei

verbessert. Den Imperial Mode of Living (IML) soll zu engem Solidarity Mode of Living ginn. Klima-Bildung ass net nëmmen eppes wat déi jonk Generatiounen betrëfft mä och e Besoin ass fir eeler Generatiounen. Dofir fuerdere mir Campagnen op der Tele an um Radio, déi Fakten iwwert de Klimawandel an op verständlecher Aart a Weis vermëttelen. Dofir musse grondleeënd Problemer am Bezuch op Klimakris offe geluecht ginn an och an der Ëffentlechkeet thematiséiert gi. Dëst net nëmmen iwwert déi klassesch Publicitéits-Campagne wéi een se vum Lëtzebuerger Staat zum Beispill am Beräich Alkohol um Steuer kennt, mee och a Formater wéi dem Mister Science, Kabertssendungen oder souguer Filmer a Serien (Beispill: Don't Look Up). Als wichtege Piliere vun der Klima-Bildung ass och en bessere Media-Coverage vun de Verännerungen déi d'Welt duerch de Mënsch duerchmëscht. D'Klimakris muss als Kris an der Press ugeholl ginn an och deementspreechend couvréiert ginn. D'Zil muss et sinn och iwwer dës Wee d'Bevëlkerung ze sensibiliséieren an ze informéieren iwwer Problemer, Kippunkten a Léisunge vun der Klimakris. En ëffentlech-rechtliche Radio a kéinten en Deel vun der Léisung.

Well de Mënsch no stabille Liewensverhältnissen streeft a grondsätzlech grouss Changementer skeptesch beobachtet wär eng Klima-Educatioun en wichtege Schratt fir Generatiounen op den ustoende Wiessel ze preparéieren.

D'Basis vun enger sozialer Klimapolitik ass also absolut, dass Klimakris als eng real Kris an der Gesellschaft souwéi och der Politik erkannt gëtt. Als JSL hu mer mat Posts zum Global Footprint, zur COP26 oder zur lokaler Ëmweltverschmutzung schon versicht op klengem Niveau genau dat ze maachen. Eng Klima-Bildung huet och onmëttelbar eppes mat der Ernährung souwéi mat Ernährungsquellen ze dinn. Den abusive Fleeschkonsum stellt eng immens Belaaschtung vir d'Ëmwelt duer. Esou och jeglech Verschwendung a Verschmutzungen an der Geméisproduktion. Eet keint een d'Konsumenten nees dofir sensibiliséieren, dass Fleesch och den Dout vun engem Deier bedeit. De Prozess vun der Fleeschproduktioun dierf net huis-clos vun sech goen. Et sollt keen Tabu sinn, en Déier ze schluechten, wann een et och consomméiert. Duerch déi Sensibiliséierung gëtt de Konsument méi bewusst, wat se iessen a virun allem wei déi Nahrung entsteet. Dat kéint zu enger Reduzéierung vum Fleeschkonsum feieren a soumat och zu enger Reduzéierung vun den Emissiounen. Zu de Verschmutzungen a Verschwendung vum Geméis kéint een och nei Usätz an der Bildung doheem souwéi an der Schoul ausbauen. An de Schoule kéint ee bspw. Folgend Theme mat de Schüler behandelen: Kompostéierung, Permaculture, heemesch Planzen an Ökosystemer. Eng getéitschte Bananne ass net faul an eng kromm Cornichon ass och schéin. Friichten, Geméis oder aner Liewensmëttel aus ästhetesche Grënn fortgeheie misst verhënnert ginn. Ausser se géingen dono an enger Biogas-Anlag weiderverwäert.

Mat all dëse Mesurë kéinte mir sensibiliséiere fir rëm am Respekt mat der Natur an dem Deier ze liewen a gläichzäiteg eis Gesondheet ze verbessern.

Nei Bildungschancen

Eis als JSL ass och kloer, dass dëse gesellschaftleche Wandel hin zu enger méi nohalteger Gesellschaft um Aarbechtmarkt wäert fir grouss Changementen féieren. Hei ass d'Politik a virun allem déi sozialdemokratesch a sozialistesche Partei gefuerdert fir en Ausbildungsprogramm unzebidden deen et der Gesellschaft erlaabt sech gegebenenfalls weiderzubilden. Wei schonn einleitend gesot, ass et kloer, dass dëse Wandel nëmme kastatffanne wann d'Gesellschaft dëse versteet, ëmsetzt an och matdréit.

Ëffentlechen Transport

Während de leschten zwou Mandatsperioden, huet Lëtzebuerg sech zu dem Land an Europa entwéckelt, dat am meeschte pro Awunner an den ëffentlechen Transport (ÖT) investéiert. D'Réckstänn déi ophuele ware sinn a bleiwe weiderhin enorm. Als JSL versti mir dass esou en Unterfangen net vun Haut op Muer geet. An dem Sënn begréisste mir déi rezent Entwécklungen an ënnersträichen op dëser Plaz, wéi wichteg et ass, dass genuch an den ÖT investéiert gëtt a wou och nëmme méiglech den ÖT aus privater Hand eraus bleift. Eventuell Privatiséierung, déi an der Vergaangenheet zu engem Ofbau vun ÖT Linnen, zemoos op der Schinn gefouert hunn, muss réckgäengeg gemaach ginn. Den ÖT däerf net Rentabilitéitscritèren ënnerleien, mee den Haaptcritère muss de gesellschaftlechen Notze sinn. Méi konkret heescht dat, dass ee beim ausschaffe vum RGTR Netz, net eleng oder virun allem däerf drop kucken, op eng Ligne méiglechst vill Leit transportéiert, mee et muss méi no der Attraktivitéit vun den eenzele Linne gekuckt ginn, also no der Fro, op d'Linnen esou fiert (zäitlech a vum Wee hier), dass se eng reell Alternativ zum Auto ass. Dat heescht an éischer Ligne eng besser Connectivitéit. Linnen déi eis do an de Sënn komme sinn Eschduerf-Wolz an de SpeedTram Stad-Esch wou net d'Vitesse am Virdergrond stoe sollt mä d'Disponibilitéit fir d'Mënschen.

Dofir fuerdere mir, dass de Staat zesumme mat de Gemengen d'RGTR Netz konstant iwwerschaft, de gesellschaftlechen, demographeschen an landschaftsplanungs-Realitéite Rechnung dréint an doduercher den ÖT méi attraktiv mécht. Virun allem fuerdere mir, dass d'Frequenzen op de verschiddene Linne während Spëtzzeiten erhéicht ginn an d'Linne selwer méi kuerz ginn, dofir duerch méi verschidde Linne kompenséiert ginn. Nëmme esou kann den ÖT eng reell alternativ zum Auto ginn, déi een als Bierger*in och am Alldag ka benotzen a net just Weekends well ee grad de ganzen Dag Zäit huet an et sech kann eraushuele fir iwwert eng Stonn ënnerwee ze sinn, fir an d'Stad akafen ze goen.

Weiderhi misst e kucken dat do wou d'Busverbindunge wéinst niddrege Kapazitéite reduzéiert ginn duerch e "Public Transport On-Demand System" komplementéiert ginn.

Fir den ÖT besser an den Alldag vun de Lëtzebuerger Residenten z'integréieren ass eng gutt Kommunikatioun onabdingbar. An dem Sënn fuerdere mir eng Iwweraarbeschtung vum Site Mobilitéit.lu an der Mobilitéits-App., esou wéi den zwou CFLs-Appen, déi idealerweis zu enger App verschmélzen a méi user-friendly ginn. Hei kéint een sech u best practices aus dem Ausland orientéieren. Weider Informatiounscampagne sollen dozou féieren, dass jiddwer ÖT Notzer besser iwwert déi verschidde Verbindungen informéiert ginn.

D'Schinn huet de Momentum vum Joerhonnert fir zu engem vun de Fortbewegungsmittelen iwwerhaapt ze ginn, zemools wat d'Reesen innerhalb vun Europa ubelaangt. Dofir muss awer nach vill verbessert an investéiert ginn, fir den Erwaardunge vun den EU-Bierger*inne gerecht ze ginn. Wéi uewe schonn erwähnt, si virun allem beim Zuch duerch Privatiséierung vill Verbindunge verluer gaangen. Des Verbindunge gëllt et erëm hierzestellen, no dem state of the art also mat Héichgeschwindegkeetszich a méiglechst villen direkte Linne souwéi Nuetszich, déi revival feieren. Och präislech muss den Zuch nees méi attraktiv ginn. Dat heescht och, dass verschidde steierlech Virdeeler vun deenen zum Beispill. d'Aviatioun fir de Moment um Kerosin nach profitéiert, mussen ofgeschafft ginn. Des weidere muss et enorm Verbesserunge gi bei der Zesummenaarbecht tëscht den Zuchgesellschaften. En Zuchticket vu Lëtzebuerg a Kroatien buchen, muss genau esou einfach ginn, wéi e Fligerticket vu Lëtzebuerg a Kroatien ze buchen. Wéi wier et do mat engem EU-wäitem gültiger Kart oder App System? Oder enger Vakanz mam Zuch Initiative wou am Joer 18 Joer al ginn (Réckwierkend op déi läscht dräi Joer) eng finanziell Ënnerstëtzung kréie fir mat dem Zuch an d'Vakanz an en aneren Europäesche Memberstat ze reesen.

Late Night Bus

Als JSL begréiss mir, dass am Budget 2022 ee Poste "Subsides aux communes organisant un 'Late night bus'" dee mat 1,1 Mio Euro dotéiert ass, festgehale goufen. Effektiv ass et esou, dass et net duer geet, deier Campagne niwt de Stroossen ze maachen, et soll e net drénken, wann ee fiert. D'Leit brauchen eng reell Alternativ zum Auto. Dofir fuerdere mir, dass d'Gemengen sech all nom Model vun der "Late Night Bus Norden asbl" orientéieren an esou eng ASBL fir all Bezierk organiséiert gëtt déi dofir verantwortlech ass, d'Night Busse flächendeckend a mat engem Besoinsorientéierten Horraire, z'organiséieren. D'Night-Ridere sollten och an all Gemeng zur Verfügung gestallt gi fir dass d'Accidenter bei de Jonken no engem gelongenem

Owend kënne verhënnert ginn. Des weidere fuedere mir, dass och ënnert der Woch déi normal Linnen nach zur spéider Stonn fueren.

Eng Wirtschaft déi fir jidderee funktionéiert

Natierlech spillt d'Wirtschaft an dësem Wandel eng grouss Roll. D'**Kreeslafwirtschaft** kéint en Ustouss sinn hin zu enger nohalteger Wirtschaft sinn. Et ass méttlerweil kloer, dass de Ressourcenofbau wei en bis elo stattfënnt net méi ka klappen ausserdeem musse souwuel d'Wirtschaft wei och d'Gesellschaft fort vum Wegwerf-Modell. Reduce, reuse, recycle, repair and refuse mussen am Méttelpunkt stoen. Kreeslafwirtschaft bedeit also, dass grondsätzlech de Konsum zrëckgeschrauft gëtt. Et soll net méi iwwer all Moosnam natierlech Ressourcen ofgebaut ginn. Et soll erëm vermehrt d'Meiglechkeet bestoe Saachen ze flécken a gläichzäiteg, déi scho produzéiert Materialie wei Plastik oder Metall recycléiert ginn. Als Basis gëllt natierlech, dass d'Produiten an Zukunft mussen sou produzéiert sinn, dass se kenne recycléiert ginn. Dofir dierfen d'Produiten net kontaminéiert si mat Schadstoffen (z.B an der Textilbranche). D'Politik muss d'Leitplanke setzen. De Staat muss dëse Modell net nëmme gestalte ma en muss d'Wirtschaft och iwwer finanziell Hëllefen dobäi ënnerstëtzen deen nohaltege Wandel ze vollzéien. Et gi scho genuch Beispiller an der Industrie dei weisen, dass wann d'Ënnerstëtzung do ass da kënne Léisunge wei zum Beispill en Plastikersatz aus Mais oder Rohrzucker wei och en kompostabele Faarfstoff entstoen.

D'Inspiratioun vun der Kreeslafwirtschaft ass d'Natur. D'Natur funktionéiert a Kreesleef. Des Kreesleef brauchen och Ressourcë mam groussen Ënnerscheed, dass d'Natur net iwwer all Moß Ressourcë verbraucht an, dass d' Natur keen Offall produzéiert. Wat iwwereg bléift gëtt als Ressource fir eppes Neies gesinn. Genau esou kéint och d'Kreeslafwirtschaft funktionéieren.

Eng aner Form vu Wirtschaft wou awer och muss ënnerstëtzt ginn ass d' "**foundational economy**". Dëse Model prioriséiert d'Wuelergoe vun aktuellen an zukünftege Generatiounen doduercher dat manner op den individuelle Konsum fokusséiert gëtt a méi an d'Verbessere vun ëffentleche Servicer a Güter gestach gëtt. Dëst ass och eng Wirtschaft wou net de materielle Wuelstand am Méttelpunkt steet, mä och no de sozialen, an emotionelle Bedierfnisser vun de Leit gekuckt gëtt.

Pfandsystem

Als national Measure vir de Klimaschutz wär eng Aféierung vun engem eenheetleche Pfandsystem zu Lëtzebuerg. Als Virbild kéint een sech den däitsche Modell huelen. Dobäi muss een oppassen datt d'Problemer déi an

Däitschland entstane sinn (d'Emgoe vum Pfand duerch aner Verpackungen duerch zwee Liter Fläschen oder Waasser am Tetra Pak) net zu Lëtzebuerg replizéiert ginn. An allen Gemenge missten d'Bierger Zougang zu engem Pfandautomat hunn, den Akafsbonne vir all Butteker am Land, an der héicht vum gesammelte Pfandwert zeréckgëtt. Doduercher kéint een d'Plastikverschmutzung laanscht de Stroossen souwéi an de Bëscher reduzéieren, well all Persoun de gesammelte Wäert aléise kann.

Energie

Fir kennen op der enger Säit eng nohalteg an klimafrëndlech Gesellschaft wei och eng nohalteg an klimafrëndlech Wirtschaft opzebauen, muss op europäeschem Plang déi néideg Energie Recoursen geschaf ginn. Der JSL ass kloer, dass een net vun Haut op Muer aus den fossilen oder den nuklearen Energiequellen klammen kann. Trotzdeem muss elo scho gekuckt gi wei een an 10-15 Joer genau dëse Schratt ka maachen. D'Politik an d'Wirtschaft hunn do eng Virbildfunktoun fir d'Gesellschaft. Eng klimafrëndlech Wirtschaft kann en Virbild fir déi ganz Welt ginn an soumat en Exportmodell. Mir, als JSL, wëllen och ënnersträichen, dass sech déi europäesch Länner, inklusiv Lëtzebuerg, sollen trauen de Wee fort vum russesche Gas, dem Fracking-Gas aus den USA oder dem Petrol aus den OPEC-Staaten ze goen. Déi aktuell Krisen an der Ukraine betount, wei wichteg eng gewëssen Autonomie an der Energieversuergung ass. Déi westlech Länner si gréisstendeels vun Importer ofhängeg a fiddere doduerch indirekt déi russesch Krichskees. Et existéiere vill Alternativen, déi eng Energie-Onofhängegkeet kéinten erméiglechen. Dorënner zielen all erneierbar Energiequellen (Wand, Waasser, Sonn) esou wei Geothermie- a Biogasanlagen. Eng international europäesch Kooperatioun kéint eng pragmatesch Strategie entwéckelen, déi den Territoire sou organiséiert, dass déi jeeweileg Gewinnungsmethoden effizient lafen an no dem aktuellsten technologesche Stand funktionéieren. Iwwer dëse Wee kéint d'EU um Niveau vun der Energie onofhängeg ginn a gläichzäiteg en Virbild fir d'Ganz Welt ginn.

Zesumme schafe mer eng méi gerecht Welt

Fir eis Jonker geet et bei der d'Klimakris ëm eis Existenz, fir déi manner Jonk vun deene villen de Moment un den Hiewele setze geet et ëm dat wat se den eis an zukünfte Generatiounen hannerloossen. Et läit awer un eis all z'entscheiden a wat fir engem Lëtzebuerg an a wat fir enger Welt mer lieve wëllen. An et ass un eis all deementspriechend ze handeln. Nëmme zesumme kënnen mer e bessert d'Liewe fir jiddwereent schafen, wou sech jiddweree fräi entfale kann egal aus wat fir enge Verhältnisser e kennt. Dat ass d'Versprache vun enger gerechter Klimapolitik. Dat ass woufir mir eis asetze fir d'Mënschen an de Planéit.

Des Changementer wäerten net vun Haut op Muer kënne realiséiert ginn. Se wäerte Suen, Fläiss a Schweess kaschten. Mä virun allem wäert et op politesche Courage ukommen. Nichtsdestotrotz ass et awer un der Zäit des éiergäizeg Ziler unzegoen. D'Natur, d'Déieren, mir Jonk, déi aktuell an déi zukünfteg Generatioune kënne dann op d'Efforte vun elo opbaue fir hirersäits d'Welt ze verbessern.